



Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 2953 vum 29. September 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Protection des monuments contre le vandalisme".

1. Wéi ginn Denkmaler hei am Land virun esou symboleschen Aktiounen geschützt?
2. Wéi sinn Denkmaler hei am Land viru Vandalismus geschützt?

Bei Manifestatiounen, déi vun der Police encadréiert ginn, gëtt am Virfeld Kontakt mam Organisateur opgeholl fir dësen iwwert déi besteeënd Gesetzgebung ze informéieren an ze sensibiliséieren. Follgend legal Dispositioun gëllt do:

Artikel 526 vum Code pénal :

« Sera puni d'un emprisonnement de huit jours à un an et d'une amende de 251 à 5.000 euros quiconque aura détruit, abattu, mutilé ou dégradé:

- *des tombeaux, signes commémoratifs ou pierres sépulcrales ;*
- *des monuments, statues ou autres objets destinés à l'utilité ou à la décoration publique, élevés par l'autorité compétente ou avec son autorisation ;*
- *des monuments, statues, tableaux ou objets d'art quelconques, placés dans les églises, temples ou autres édifices publics. »*

Doriwwer eraus kënnen d'Gemengen an hiren allgemenge polizeileche Reglementer spezifesch Bestëmmungen zu dësem Thema virgesinn. Et kann zum Beispill den Artikel 33 vum *règlement général de la Police de la Ville de Luxembourg* zitieren:

« Il est défendu d'escalader les bâtiments et monuments publics, les grilles ou autres clôtures, les poteaux d'éclairage ou de signalisation publics, ainsi que les arbres plantés sur la voie publique. »

Grondsätzlech privilegiéiert d'Police eng präventiv an deeskaléierend Approche, déi op eng Sensibiliséierung vun den Organisateuren baséiert.

Selbstverständlech ginn Infraktiounen an engem procès-verbal festgehalten, deen herno un d'Justiz-Autoritéite weidergeleet gëtt.

Lëtzebuerg, de 15. Oktober 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden